N° 7743
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. März 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Hierscht ze Joert huet d'Santé fir bestëmmte Persounegruppen eng zweet Boosterimpfung recommandéiert. Dës zousätzlech Dosis wär, der Santé no, fir all Leit déi iwwer 60 Joer al sinn a vulnerabel Persounen tëscht 12 a 59 Joer. D'Recommandatioun fir eng 4. Dosis goung och u schwanger Fraen an d'Personal aus dem Gesondheetssecteur.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi vill Leit krute bis elo en zweete Booster, respektiv eng véiert Covid-Impfung?
2. Wéi grouss ass den Interessi fir esou eng véiert Impfung bei deenen ugeschriwwene Persounen?
3. Gëtt et scho Bestriewunge fir eng fënneft Impfung (drëtte Booster)?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten